ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister, un den Här Educatiounsminister an un d'Madamm Familljeministesch weiderzeleeden.

Am Joer 2017 gouf eng Petitioun an der Chamber diskutéiert, datt méi Lëtzebuerger Produkter sollen a privaten, ewéi och an den ëffentleche Kantinnen ugebuede ginn. Betraff wieren z.B. Kantinnen an de Klinicken, Altersheemer, Schoulen an an de verschiddenste Kannerbetreiungsstrukturen. Laut dem Educatiounsminister goufen deemools ronn 32 Prozent Lëtzebuerger Produkter an de Restopolis-Kantinne vun de Sekondärsschoulen ugebueden.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi vill ëffentlech a privat Kantinne ginn an de Klinicken, Altersheemer, Schoulen an an de verschiddenste Kannerbetreiungsstrukturen am Land bedriwwen?
2. Wéi vill vun dëse Kantinnen offréieren ausschliisslech lëtzebuergesch Produkter?
3. Wéi vill Kantinne bidden zum Deel lëtzebuergesch Produkter un a wéi vill Prozent mécht dëst - opgeschlësselt jee no Kantin - par Rapport zu den Net-Lëtzebuerger-Produkter aus ?
4. Ginn et nach Kantinnen, wou quasi keng oder ënner 10 Prozent Lëtzebuerger Produkter ugebuede ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten